D'Dauf, firwat esou onbeléift ?

Staddauwen a wëll Dauwe sinn en Deel vum Ökosystem an droe zur **Biodiversitéit** bäi.

Dauwe si gescheit a fannen hire Wee fir Heem ëmmer zréck, bis op Dausende vu Kilometeren!

Aussergewéinlech Orientatioun

D'Dauf war ganz nëtzlech fir de Mënsch! Ëm 5000 viru Christus huet hir Domestikatioun ugefang, fir

Fleesch, Eeër, Dünger an als Buet.

D'Dauf ass e Symbol fir Léift, Treiheet a

Fridden.

Dauwe si geféierlech well si vill Krankheeten iwwerdroen?

Nee!

Den Infektiounsrisiko ass net méi grouss wéi bei aneren Déieren, wéi z.B. Kazen an Hënn.
Do zielt awer, wéi bei all Déier: **Hänn wäschen** nom Upaken.

Fidderen ass a ville Gemenge verbueden. *Informéier dech.*

De Kot ass wäiss a schläimeg ?

Jo, mee...

... nëmme well vill Dauwen eisen ongesonden Dreck iessen. Doduerch kréie si Duerchfall.

Gesonde Kot = fest a méi däischter.

Dofir: **Kee Knascht leie loossen!**

A verschidde Gemenge ginn et Dauweschléi wou d'Dauwe sech ophalen an ernäre kënnen. Eng iwwerméisseg Vermehrung gëtt verhënnert.

Wat soll ech maache wann ech...

... eng krank Dauf gesinn? Staddauwen Lëtzebuerg asbl oder eng aner Déiereschutzorganisatioun kontaktéieren.

... eng doudeg Dauf fannen? An enger Tut an d'Poubelle (Reschtoffall) leeën.

Bei enger gréisserer Unzuel vun Affer: d'Gemeng informéieren.

Editeur:
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu

Partner:
Staddauwen Lëtzebuerg
www.bird.lu

Ville de Differdange

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech